

# AARTERÄICH WISEN

**Wat heescht dat?**

Hei gëtt d'Biodiversitéit duerch den extensiven Ënnerhalt ("fauchage extensif"), also insekten- a planzefrëndlecht Méien, erhéicht. Dat heescht, et gëtt méi seelen a méi spéit geméit. Esou kënne Blummen a Kraider bléien an Nektar a Polle fir Insekte produzéieren. Duerch dës einfach Ännerung fillen sech hei immens vill verschidden Déieren a Planze wuel.

**Wat sinn d'Virdeeler?**

Den extensiven Ënnerhalt ënnerstëtzt d'Opkomme vu ganz ville Planzen a Kraider. Dës bidde Fudder a Liewensraum fir Insekten. A sou enger Wiss liewe bis zu 5 mol méi Insekte wéi an enger normaler Wiss. Donieft ginn och nach Reptilien a Vigel ugezunn. Den extensiven Ënnerhalt ass eng Mesure déi zu enger séierer a massiver Erhéijung vun der Biodiversitéit féiert, mee dobäi net vill Aarbecht an Zäit erfuerdert - perfekt fir och doheem ze probéieren.


**Wat d'Gemeng fir méi Biodiversitéit am ëffentleche Raum ëmsetzt**

- Ouni Pestizide schaffen
- Extensiven Ënnerhalt a ville Gréngalagen
- Installatioun vun Insektenhoteller
- Planzesom aus lokalem Ubau notzen









en français

natur&ëmwelt a.s.b.l. Kanton Gréiwemaacher

KlimaPakt European Energy Award Meng Gemeng engagéiert sech

NaturPakt Meng Gemeng engagéiert sech

MÄERTERT-WAASSERBËLLEG Commune de MERTERT